**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dëse Punkt dann ofgeschloss.

## 6. 8471 – Proposition de loi portant modification de l'article L. 233-16 du Code du travail

Mir géingen zum nächste Punkt vun dësem Ordre du jour kommen, an zwar der Proposition de loi 8471 iwwert d'Aféierung vun engem Congé extraordinaire vu véier Stonne pro Bluttspend. D'Riedezäit ass de Basismodell. Dir kennt dee Modell. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Mars Di Bartolomeo, den Här Michel Lemaire, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission du Travail***

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, mat dëser Proposition de loi soll den Artikel 233-16 Punkt 11 modifizéiert ginn (veuillez lire: mat dëser Proposition de loi soll den Artikel 233-16 modifizéiert ginn, andeems e Punkt 11 bäigesat gëtt), fir fir d'Salariéen aus dem Privatsecteur e Recht op eng Fräistellung ouni Lounverloscht ze schafen, wa se Blutt oder Bluttkomponente spenden.

Dëst Recht, an dat ass wichteg ze wëssen, gëtt et haut schonn an eisem ëffentleche Secteur an och a verschiddene Kollektivverträg. Eng änlech Initiativ, och dat interessant, ass am Juni 2025 vun der franséischer Assemblée nationale ugeholl ginn. A mir haten och eng Petitioun virleien, déi leider d'Hürd – leider, Klammer – vun deene 4.500 Ënnerschrëften net erreecht huet an dofir och net ëffentlech hei konnt diskutéiert ginn.

Ech hunn dës Proposition de loi den 19. Dezember 2024 hei an der Chamber deponéiert, an dat als eng vun de méiglechen Äntwerten op Engpäss bei de Bluttreserven, déi a leschter Zäit reegelméisseg opgetruede sinn.

Zu de Fakten: Mir hunn hei zu Lëtzebuerg dank 15.000 benevolle Bluttspender an nach vill méi, déi mol Bluttspender waren an elo net méi aus deene verschiddensten Ursaachen zougelooss sinn, déi reegelméisseg en Deel vu sech, aus hirem Kierper, ob Blutt, Plasma, Placketten oder Bluttkierpercher, spenden, d'Chance, an deem Beräich autosuffisant, also onofhängeg, ze sinn. Dat ass net esou normal. Aner Länner géifen nëmmen dovun dreemen. An déi wäre frou, wa se an esou enger Situatioun wären, wou d'Benevolat et erméiglecht, genuch Bluttreserven an normalen Zäiten ze hunn.

Iwwer eist Rout Kräiz verfüge mer och iwwer en exzellente Service, deen elo kierzlech zwar de Statut geännert huet an haut eng Fondatioun ass. Wichteg ze ënnersträichen ass, dass d'Bluttspenden en aussergewéinlechen an oft liewenswichtege Service un der Allgemengheet ass, e Service fir déi ëffentlech Gesondheet. Blutt a seng Komponente sinn duerch näischt ze ersetzen an dofir liewenswichteg!

Dës Proposition de loi huet als Zil, d'Versuergungssécherheet beim Blutt a sengen Derivater ze verbesseren, fir dee gudde System, deen op dem renge Benevolat opgebaut ass, ze stäerken an all Bluttspender, ob aus dem ëffentleche Secteur oder dem Privatsecteur, d'selwecht ze behandelen.

Et soll e staarke Gest sinn an a kenger Hinsicht vun dem Benevolat ofwäichen. Sou soll an Zukunft jiddwereen, dee säi Blutt gëtt, véier Stonne pro Don vun der Aarbecht fräigestallt ginn, an dat ouni Lounverloscht. Den Don muss dofir mat engem Certificat vum Zenter beluecht ginn.

Ech kommen dann zum Werdegang vun der Proposition de loi. De Conseil d'État, d'Chambre des Salariés, d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers hunn den Text aviséiert.

De Conseil d'État huet eis nogeluecht, datt déi véier Stonne pro Don solle gëllen. Mir hunn deem Rechnung gedroen an engem Amendement an duerno hat de Conseil d'État keng Awänn zu dem Projet.

D'Chambre des Salariés begréisst d'Proposition de loi am Prinzipp, huet awer insistéiert, dass soll preziséiert ginn, datt den Text all d'Bluttkomponenten ofdeckt. Och deem hu mer am Amendement Rechnung gedroen.

D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hu sech géint bezuelte Congé zulaaschte vum Betrib ausgeschwat. An hiren Ae géif dat dem Benevolat widdersprieche n. Si hu gemengt, et wär dem Staat seng Aufgab, fir genuch Bluttreserven ze suergen, an net der Privatwirtschaft hir. Och wiere sech déi zwou Chambere géint eng Multiplikatioun vun de Congéen a schloe stattdessen eng Rei vun organisatoresche Moossname vir, fir d'Sécherheet vun de Reserven ze verbesseren.

D'Regierung huet sech duerch hiren Aarbechtsminister, de Marc Spautz, an der Kommissioun géint d'Proposition de loi ausgeschwat a privilegéiert eng Reegelung iwwer Kollektivverträg an och iwwer organisatoresch Moossnamen.

No Diskussiounen an der Kommissioun fir Aarbecht huet d'Majoritéit vun CSV an DP an der Kommissioun sech dofir ausgeschwat, der Chamber ze recommandéieren, d'Proposition de loi net unzehuelen. D'Argumenter waren: duerch e bezuelte Congé géif de Benevolat net à la lettre respektéiert ginn, et wär eng indirekt Remuneratioun, et sollt een éischter op Kollektivverträg zréckgräifen an et ass och higewise ginn op de finanziellen Impakt vun esou enger Moossnam. An der Diskussioun ass vun anere Säiten drop higewise ginn, dass een, wann et eng finanziell Fro wär, och do fir déi, déi et brauchen an déi iwwerfuerdert wären, Solutioune kéint fannen, zum Beispill iwwert d'CNS oder iwwert d'Mutualitéit vun den Arbeitgeeber.

D'Vertrieder vun LSAP, déi gréng an déi Lénk hu sech fir den Text ausgeschwat. D'ADR huet sech enthalen. Mat deene Prezisiounen iwwert d'Positiounen zum Text selwer gouf de schrëftleche Rapport – ech soen „de Rapport", net „d'Proposition de loi" – eestëmmeg ugeholl, mat der majoritärer Empfeelung un d'Chamber, den Text net unzehuelen.

Voilà, dat war a kuerze Wierder de Werdegang. Mir bleift – an ech mengen, do kann ech am Numm vu jiddwerengem vun eis schwätzen – just nach, deene 15.000 Bluttspender an deenen, déi et eng Kéier waren an net méi kënnen duerch Bestëmmungen, Virsiichtsmoossnamen an esou weider an esou fort, en häerzleche Merci ze soe fir hire formidabelen Engagement.

An zum Schluss wäert Der mer verzeien, wann ech an engem Saz de Rôle vum Rapporter mat deem vum Auteur tauschen, deen traureg wär, wann dës Propositioun net ugeholl géif ginn. Mee – mee! – wéi heescht et esou schéin? „D'Hoffnung stierft als Lescht."

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Di Bartolomeo.

Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert.

***Discussion générale***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Villmools merci, Här President. A villmools merci och dem Här Rapporter an dem Auteur vun dëser Proposition de loi, dem Här Di Bartolomeo.

De Lëtzebuerger Bluttspendemodell baséiert op Solidaritéit an op Fräiwëllegkeet vun deene 15.000 Spenderinnen a Spender. Dat huet den Här Rapporter scho gesot. An ech sinn immens houfreg ze soen, dass ech ee vun deene 15.000 Bluttspender sinn.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Ech wëll op dëser Plaz awer och dervu profitéieren, fir der Croix-Rouge e ganz grousse Merci ze soe fir déi formidabel Aarbecht, déi do geleescht gëtt Dag fir Dag, sief et vun deenen, déi d'Blutt ofhuelen, sief et vun deenen, déi d'Kontrolle maachen, awer och vun deene ville Benevollen, déi ëmmer an de Bluttspendezentere sinn, déi och hir Zäit afferen, soen ech emol, fir de Spenderinnen a Spender eppes klenges Guddes ze doen no der Spend mat enger Taass Kaffi, engem Téi oder engem Bréitchen oder engem gudde Stéck Uebst. Dofir e ganz grousse Merci u si an awer och un all déi 15.000 Spender.

Fir eis als CSV ass et wichteg, um Modell vun der Fräiwëllegkeet festzehalen. A véier Stonne Congé spécial, bon, dat ass sécher keen Allheelmëttel, fir méi Spender ze fannen an och fir den Engpäss am Blutt a senge Komponenten entgéintzewierken. Reell dauert eng Spend keng véier Stonnen. Wann ee kuckt, haut kann een e Rendez-vous huelen an et ass een a plus/minus enger Stonn nees dobaussen. Et kritt een och e Certificat de présence, wann et engem mol net sollt gutt sinn no senger Spend. Ech hat dat selwer schonn eng Kéier, dass et mer dronke war duerno, dass ech net konnt zréck op d'Aarbecht goen. Dat kënnt vir. Ech hu mengem Patron den Ziedel gewisen an de Patron huet gesot: „Kee Problem, vu datt mer jo och keng Karenzdeeg hei hunn. Kee Problem, dann ass dat notéiert, dass de net do bass."

Ech gesinn awer e Risiko fir verschidde kleng a mëttelstännesch Betriber, well déi hunn et organisatoresch net ëmmer einfach, wann ee just zwee, dräi Leit do schaffen huet a jiddereen huet da säi Congé spécial, fir déi véier Stonnen da Blutt spenden ze goen. Ech denken, zum Beispill bei Bluttspende ass et dräi- bis véiermol am Joer, jee nodeem ob een e Mann oder eng Fra ass. Wann een awer Placketten a Plasma spende geet, dat ass 12-mol am Joer, wou ee spende ka goen, dat heescht eemol de Mount en hallwen Dag, wou d'Salariéen net do sinn. An ech denken, do gëtt et Betriber a Secteuren, déi sech méi einfach do upasse kënnen, an anerer, déi wierklech hir Schwieregkeeten hunn. An dat ass eng grouss Laascht fir de Patron, net nëmme vum finanzielle Volet hier, mee awer och organisatoresch, fir de Betrib lafen ze loossen.

Als CSV setze mir dofir weiderhin op d'Fräiwëllegkeet vun de Bluttspender a gesinn dofir éischter aner Mesüren, wéi nach e Congé anzeféieren en contrepartie dës Kéier vun enger Bluttspend. D'Fro ass jo net nëmmen d'Zäit, mee et ass d'Sensibiliséierung an de Rekrutement vun neie Spender. Dofir menge mir als CSV, datt aner Mesüre méi cibléiert an och méi effikass kéinte sinn.

Zum Beispill hunn ech mech mat mengem Patron ëmmer arrangéiert. Ech hu gesot: „Hei, wéi gesäit et

aus?" Ech hunn e bësse Visibilitéit gehat, wéi et mat den Dossiere stoung. Dunn hunn ech gesot: „Ech ginn elo um 14.30 Auer oder um 15.30 Auer eng Stonn fort an da sinn ech nees um Büro." An normalerweis, wann ee mat sengem Patron e gudden Drot huet, fënnt een och do en Accord, dass ee ka goen. An ech kennen och éierlech gesot ... A mengem Ëmfeld si vill Bluttspender. Et huet nach kee mer gesot, en hätt do net e Konsens mam Patron fonnt.

Zweetens, dat huet den Här Di Bartolomeo och scho gesot, gëtt et Kollektivverträg, déi dat virgesinn. An hei gesi mir och ganz kloer, dass een am Dialog erëm mam Patronat, am Sozialdialog, do kann iwwert de Kollektivvertrag e Wee fannen, fir dem Salarié esou en extra Congé ze accordéieren. An et gëtt schonn déi eng oder aner Kollektivverträg, déi notamment dëst virgesinn.

Dann eng aner Mesür, dat ass déi vun de mobille Sammelstellen an de Busser. Ech hunn a Frankräich studéiert an ech war ganz erstaunt, wéi dann op eemol esou e Bus do op der Uni ugefuer komm ass moies. An dee stoung de ganzen Dag do, dee stoung dann oft eng ganz Woch do, an dann ass een nom aneren an dee Bus eragaangen, fir säi Blutt ze spenden. An dat si Mesüren, déi et och schonn hei zu Lëtzebuerg gëtt, wou de Bus vun der Croix-Rouge an d'Betriber fiert oder bei d'Betriber fiert, fir dass d'Mataarbechter direkt sur place kënnen hir Spend maachen, well dat, jo, einfach och vun der Organisatioun hier méi einfach ass. Ech denken, do kéint een usetzen, fir déi spezifesch Sammelstellen an och déi mam Bus nach méi auszebauen.

An dann eng aner Mesür ass déi mat den Heures de collecte. Dat ass och dat, wat d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers an hiren Avisen zu der Proposition de loi virgesinn hunn. Dat ass, dass een d'Kollektzäiten upasst. Do, denken ech, kéint d'Croix-Rouge zum Beispill eng Ëmfro bei hire Spender maachen, ob déi aktuell Zäiten zäitgemäss sinn. Ech mengen, et sinn zwee Deeg, wou et bis 18.00 Auer op ass, mee wär et net och eng Pist, eng Kéier moies um 7.00 Auer schonn unzefänken oder villäicht samsdes moies nach op där eng oder anerer Sammelstell?

Dat kéint alles derzou bäidroen, dass de Spender zu méi Geleeënheete kéint säi Blutt spende goen. Dofir wäert d'CSV dës Proposition de loi vum Här Di Bartolomeo och net matdroen.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | O!

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Mee déi 500 Milliliter, déi ee spent, kënnen e ganz risegen Impakt hunn a Liewe retten. An dofir wëll ech hei op dëser Plaz och e ganz groussen Appell maachen un all déi Fraen a Männer, déi sech nach net ageschriwwen hunn, fir Blutt spenden ze goen, fir Spender ze ginn, well all Bluttgrupp gëtt gesicht. Egal ob Der méi eng rar hutt oder eng, déi et méi dacks gëtt, se ginn alleguerte gebraucht. A virun allem, wann ee säin Don gemaach huet, dann huet een e ganz speziellt Gefill, dat Gefill, datt ee mat engem ganz einfache Gest engem anere Mënsch gehollef huet, Hoffnung geschenkt huet an, jo, och vläicht Liewe gerett huet. Et geet ee raus an et fillt ee sech einfach gutt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Weydert. An déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Carole Hartmann** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, Bluttspenden ass e Sujet, deen eis alleguerte betrëfft an eis och alleguerten interesséiert. Mat enger Bluttspend kann ee Liewe retten am Alldag. Do denkt een net onbedéngt ëmmer dorunner, mee wann et dann zu schlëmmen Accidenter kënnt oder effektiv eng Persoun och an enger Interventioun vill Blutt verléiert, da gëtt dat Blutt gebraucht, fir och Liewen ze retten.

Dofir wëll ech op dëser Plaz och alle Bluttspender, ënner anerem dann dem Stéphanie Weydert, och Merci soen, datt se effektiv Blutt spenden. Et ass immens, immens wichteg, dass mer Bluttreserven hunn, fir deene Leit ze hëllefen, déi se och brauchen.

Déi virleiend Gesetzespropos, déi soll dann de schaffende Leit am Privatsecteur véier Stonnen, also en hallwe Schaffdag, Congé erméiglechen, wa si spenden, ugeleent un eng Dispens, déi et zënter 2018 an der Fonction publique och scho gesetzlech gëtt. Ugangs, an dat ass gesot ginn, ass et reng ëm d'Bluttspende gaangen. Duerno ass och de Plasma derbäikomm, awer och d'Placketten. Domat wier et mat der Propos, an dat ass och gesot ginn, reng wat d'Bluttspend ugeet, bei enger Fra dräimol am Joer méiglech, bei engem Mann véiermol am Joer, bei Plasma eemol de Mount méiglech, fir hei ze spenden.

Als Demokratesch Partei sti mir de manière générale all de Mesüren, déi zu enger Erhéijung vun eise Bluttreserve féieren, positiv géintiwwer. Genau aus deem Grond hu mir och schonn an der viregter Legislaturperiod e puermol ënner anerem de Sujet opgeworf vun dem gläichberechtegten Accès zu dem Bluttspenden, well et awer bei eis am Land ëmmer nach eng Diskrepanz gëtt tëschent dem Bluttspende vun heterosexuelle Persounen an homosexuelle Persounen, déi nëmmen ënner bestëmmte Konditiounen och hei zu Lëtzebuerg kënnen hiert Blutt spenden.

An ech géif do vläicht och vun der Presenz vun der Madamm Minister profitéieren, fir eng Kéier ze froen, wou déi Diskussiounen – ech mengen, mir hunn an dëser Legislaturperiod och schonn doriwwer geschwat – ëm eng Gläichbehandlung vun alleguerten de potenzielle Bluttspender aktuell dru sinn.

Doriwwer eraus gesi mir weider Hiewelen, fir den Accès zu de Bluttspenden nach méi interessant ze maachen. An éischter Linn denken ech hei un eng Erweiderung vun den Ëffnungszäiten – dat ass hei och scho gesot ginn – vun den Transfusiounszenteren, mat der Méiglechkeet, vläicht déi eng Deeg méi fréi opzemaachen, aner Deeg méi laang opzehunn a villäicht och weekends, notamment samsdes, kënne Blutt spenden ze goen.

Ech sinn awer och der Iwwerzeegung, dass Blutt spende goen am Dialog tëschent dem Patron an dem Salarié kann organiséiert ginn an e Salarié duerchaus mat enger flexibeler Aarbechtszäit zum Beispill méi fréi ufänke kéint a méi fréi vum Büro fort kéint goen, fir nach ze spenden. Ech mengen, dat ass och e Modell, deen d'Madamm Weydert genannt huet, dass een deen een Dag vläicht manner laang schafft, fir dann en aneren oder e puer Deeg duerno méi laang ze schaffen, oder zum Beispill wann een e laangen Trajet huet fir op d'Aarbecht, awer méi no ka Blutt spenden, och vläicht vun doheem aus ka schaffen an dass een da Blutt spende kann an onofhängeg vum Bluttspenden awer ka seng aacht Stonnen doheem och schaffen.

Wann ech „Dialog am Betrib" soen, dann denken ech awer och un d'Kollektivverträg. Och dat ass scho gesot ginn, dass et eng Rei Kollektivverträg gëtt, ënner anerem am Bankesecteur, wou och e Congé extraordinaire fir Bluttspende virgesinn ass. Fir eis als DP ass dat e gudde Wee, well et am Sozialdialog tëschent de Sozialpartner hei dann zu equilibréierte Léisungen am Betrib ka kommen. Esou kann zum Beispill festgeluecht ginn, a wéi engen Delaien e Salarié säi Patron informéiere muss oder ënner wéi enge Konditiounen esou e Congé accordéiert gëtt. Zousätzlech gëtt esou eng Approche och der Realitéit vun de verschiddene Secteuren an de verschiddene Betriber gerecht, well d'Organisatioun vun der Aarbecht jee no Beräich jo ganz, ganz staark variéiert.

Am Kader vun engem Kollektivvertrag gëtt et domadder Raum fir ugepasste Léisungen, déi sech un der Praxis orientéieren an domat och vläicht besser ëmsetzbar sinn, souwuel fir Salariéë wéi och fir e Patron. An esou kann ee sech och virstellen, dass a gréissere Betriber villäicht souguer och kéinte Kollekte fir d'Salariéen an dem Betrib organiséiert ginn, dat mat der néideger Sensibiliséierungsaarbecht, déi genannt ginn ass, déi natierlech wichteg ass a wou d'Betriber och hir Salariéen dann iwwer esou Initiative kënnen encouragéieren, motivéieren, fir och Blutt ze spenden, och eventuell souguer an hire Raimlechkeete mat genuch Salariéen.

Här President, ech kommen zur Konklusioun. D'Bluttspenden zu Lëtzebuerg baséiert op Solidaritéit, enger Solidaritéit, déi immens wichteg ass. Déi Solidaritéit ka fir eis iwwer verschidden Hiewelen, déi ech genannt hunn, verbessert an ausgebaut ginn, ouni dass mir zwéngend gesetzlech en hallwen Dag Congé musse virgesinn. Deemno wëlle mir als Demokratesch Partei och bei der Fräiwëllegkeet vun dësem Akt bleiwen, an duerfir proposéieren ech menger Fraktioun, déi virleiend Gesetzespropos net ze stëmmen, ouni awer ze vergiessen, dem Auteur Merci dofir wëllen ze soen, dëse wichtege Sujet hei op den Ordre du jour bruecht ze hunn.

Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Hartmann. Dann nach eng Kéier den Här Mars Di Bartolomeo, dës Kéier als Vertrieder vun der LSAP-Fraktioun. Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir erlaabt mer, mäin Erstaunen auszedrécken doriwwer, wéi d'Interpretatioun bei de Majoritéitsparteie vun der Fräiwëllegkeet ass, ob et an der Fonction publique ass oder ob et am Privatsecteur ass.

**Une voix** | Très bien!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | An der Fonction publique ass et jo anscheinend keng Verletzung vun dem Benevolat, wann déi véier Stonne gewäert ginn zënter 2018. Am Privatsecteur géif et op eemol e Widdersproch ginn zu dem Benevolat, wann een als staarke Gest vis-à-vis vum Bluttspender géif eng Fräistellung gesetzlech garantéieren.

Ech hat mech an der Proposition de loi baséiert op dat, wat an der Fonction publique bestanen huet a besteet. Dat sinn déi véier Stonnen. Ech ka mech och net erënneren, dass an der Kommissioun eng Propositioun gemaach ginn ass, fir zum Beispill den Temps réel an eng Proposition de loi anzeschreiwen; déi Zäit, déi ee bräicht, fir et ze maachen. Dat wär jo zum Beispill eng Géigepropos gewiescht, wou een hätt kënnen driwwer diskutéieren. Dat just als Tëschebemierkung.

Dann, déi Proposition de loi ka jo esou schif net leien, wann en Deputéierte vu Les Républicains a Frankräich, also Kolleege vun der CSV, esou eng Propos gemaach huet. En huet fréier zum RP gehéiert a kann esou schif net leien.

Dann, d'Argument vun de Kollektivverträg kléngt gutt, huet awer en Hoken, e groussen Hoken: Bal d'Hallschecht vun de Salariéen hei am Land huet kee Kollektivvertrag!

**Une voix** | Genau!

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | Also, fausse bonne idée – quitte dass et jo gutt ass, wann dat a Kollektivverträg iwwerholl gëtt a wann an Zukunft net nëmmen eng gutt Hallschecht, mee jiddweree kéint iwwer e Kollektivvertrag verfügen. Dat wär dann eng aner Saach.

Also, déi Argumentatioun, d'Fräiwëllegkeet, déi gefäerdet wär duerch eng Fräistellung, déi loossen ech net gëllen. Mir hunn och ni behaapt, dass d'Fräistellung en Allheilmëttel wär, mee ee Moyen, fir kënne méi Blutt ze spenden, niewent deenen organisatoresche Moossnamen – kee Problem, dat solle mer maachen, dat ass eng gutt Saach. Den Appell, dee souguer vun der Grande-Duchesse opgeholl ginn ass, ënnerstëtze mer selbstverständlech och.

De finanziellen Impakt. Also de finanziellen Impakt hält sech a Grenzen. A wa Betriber iwwerfuerdert wären, ech hunn dat virdrun ugedeit, well et an der Kommissioun och gesot ginn ass, da kéint een eng Léisung fannen iwwert d'CNS, iwwert d'Mutualité des Employeurs. Duerchaus méiglech mat Hëllef vum Staat – engem Staat, dee senge Mataarbechter dat ouni Weideres garantéiert an och do derfir bezilt.

*(Interruption)*

Also, och do, mengen ech, hätt ee kënnen eng Solutioun fannen.

An dann nach eng Fro: Wie seet, vis-à-vis vun deene Leit, déi Solidaritéit beweisen – an dat ass e Gest vu Solidaritéit, méi wéi e Gest, wann een e Stéck vu sech selwer spent –, wie seet, dass d'Betriber net bereet sinn, déi Solidaritéit ze weisen? Jo, d'Chamberen hunn esou argumentéiert. Mee do argumentéiere Fonctionnairen! An ech mengen, dass bei de Betriber vläicht d'Haltung e bëssen eng aner wär.

A wa mer da soen, Gläichberechtegung zum Zougang, Gläichberechtegung Fonction publique a Secteur privé, mee dann awer och Gläichberechtegung vum Zougang vu Leit onofhängeg vun hirem sexuelle Verhalen. Net Exklusioun duerch sexuell Neigungen, mee duerch d'Risikoverhalen! An do ass d'Risikoverhale bei Gläichgeschlechtlechen net méi grouss wéi bei Heterosexuellen.

*(Interruption par la présidence)*

Also, och do, mengen ech, musse mer eis beweegen. An do gëtt et jo eng Proposition de loi vum Paulette Lenert, déi an déi dote Richtung geet.

Dat gesot, also, ech fannen, dass déi Géigenargumenter, déi vun CSV an DP kommen, hallefhäerzeg kommen, well an hirer Argumentatioun si se ganz no bei deem, ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Dir misst zum Schluss kommen, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | ... wat eigentlech d'Zilsetzung vun dëser Proposition de loi ass. Dat loossen ech net gëllen. An ech hätt mer gewënscht, dass déi grouss Mercien un d'Bluttspender net nëmme Wierder gewiescht wären, mee hei gëtt eng gutt Geleeënheet verpasst, ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | ... fir hinnen op déi bescht Aart a Weis Merci ze soen. Merci, Här President.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), auteur-rapporteur | Ech hunn dat erageholl, wat ech virdrun als Rapporter net genotzt hunn.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Dir wësst awer als fréiere President, datt den Tausch vun den Zäiten net virgesinn ass am Reglement.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Elo ass d'Wuert fir den Här Michel Lemaire.

**Une voix** | Här Vizepresident.

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Lemaire.

**M. Michel Lemaire** (ADR) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir eis ass et ze einfach, dës Gesetzespropos einfach mat deene bekannten a genannten Argumenter ofzeleenen. Soll een, deen am Privatsecteur schafft, och véier Stonne Congé extraordinaire kréien, esou wéi beim Staat, fir Blutt spenden ze goen?

Här President, Dir erlaabt elo, dass ech zéng Sekonnen hors sujet sinn, wann ech e Saz vum Luc Frieden zitéieren, deen en a senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun gesot huet, wéi e gesot huet: „Mir suergen ee fir deen aneren: wann ee krank gëtt, wann ee méi al gëtt, wann ee vun engem Schicksalsschlag getraff gëtt." Ech hoffen, dass ech a menger Interpretatioun richteg leien, wann ech denken, dass dat net nëmmen do soll gëllen, wou d'Allmacht vum Staat oder vun der ëffentlecher Hand ass, mee dass mer och an Zukunft op dee Wee solle goen, dass mer hëllefen, well mer wëllen hëllefen. A Blutt spenden ass jo en Akt wéi keen anere vun Hëllefen a vun Nächsteléift, kann ee soen.

Ech géif et dowéinst traureg fannen, ech sinn éischter dergéint, wann de Staat oder de Gesetzgeeber alles reegele soll, och nach reegele soll, wéini e Mënsch sech iwwerhaapt nach eethesch verflicht fillt, ze hëllefen a Blutt ze spenden, an aner Forme vun Hëllefsleeschtungen.

Natierlech, d'Betriber sinn och an enger wirtschaftlech ugespaanter Situatioun, mee fir dat, wat ech elo ugeschwat hunn, muss een awer soen: Mat där idealer a gutthäerzeger Welt, wou jiddweree vu sech aus hëlleft, ass et net ëmmer esou gutt bestallt. A Fakt ass warscheinlech och, dass, wann d'Bluttreserven eng Kéier eng kritesch Limitt erreeche sollten, dat heiten e sënnvollen Incentive ka sinn, fir d'Bluttreserven ze stabiliséieren.

Mee ech mengen, déi eigentlech Diskussioun, d'Kärfro, ass eigentlech vill méi fundamental. Ech wëll et mat engem Beispill ënnermaueren. Eng Persoun X – aus mengem klenge Kosmos, wëll ech soen – schafft als Aarbechter oder Ingenieur an der Clierfer Industriezon bei enger mëttelstännescher oder bei enger grousser Firma. Eng Persoun Y schafft als Aarbechter oder Ingénieur civil bei enger Gemeng. De Weekend treffe sech déi zwee bei engem Patt, fir iwwer hir Aarbechtswoch ze diskutéieren. A si maachen allen zwee eng virbildlech Aarbecht. Si wëssen ëm de substanziellen Ënnerscheed an der Pai. An d'Persoun Y seet dann der Persoun X och nach ganz selbstverständlech, datt si freides nomëttes fräi hat, fir Blutt spenden ze goen. Dat ass e Beispill, dat elo net ultra-abstrakt ass, mee dat ech an änlecher Form permanent erliewen.

An ech wëll dofir hei ganz kloer soen, ganz oppen, och wann et vläicht onbequeem ass: Déi Diskrepanz fir den Arbeitnehmer tëscht Staat a Privatsecteur ass zu Lëtzebuerg eenzegaarteg a se ass an der Lëtzebuerger Gesellschaft e Spaltsteen, vun deem mir all wëssen. An d'Politick ass nun emol do, fir d'Situatioun ze verbesseren.

Dann hu mer awer dee leedege Punkt vun der Ëmsetzung. Et ass, denken ech, jo net esou, dass de Privatsecteur net déi nämmlecht Konditioune fir den Arbeitneemer bidde wëll wéi beim Staat. Mee d'Unterneemensstruktur, ekonomesch, finanziell, personaltechnesch, léisst et meeschtens net zou.

Fir den Unterneemen dat elo vun uewen erof opzeerleeën, dofir gëtt et an eisen Aen awer ze vill oppe Froen, et ass och an den Avisen ugeschwat ginn, d'Finanzéierung an dann och: Wéi rembourséiert een, wat fir e Modell sicht ee sech do? Wann een elo kuckt, et hutt een e gewëssen Taux, souguer wann de Staat et zum Deel iwwerhëlt oder d'CNS. Den Taux, wéi rechent een dat a Produktivitéit fir d'Unterneemen? Et sinn also eng Rei oppe Froen.

Da muss ee sech och froen, ob net aner Léisungsvirschléi virdru sollen an d'A gefaasst ginn, zum Beispill mobill Entitéite bei Schoulen, bei Gemengenhaiser, och ausserhalb vun den Aarbechtszäiten, an och en Appell un d'Betriber ze maachen, fir dat duerchzesetzen.

Dat heescht, wa mer eis hei enthalen, dann ass et net aus Onentschlossenheet, mee well bei eis oppe Froe sinn. An der Gesetzespropositioun, an och gesellschaftspolitesch gesinn, sinn ze vill oppe Froen.

An ech denken awer, egal ob een als Partei méi lénks oder méi wirtschaftsliberal agestallt ass, déi Onzefriddenheeten, déi ech hei ugeschwat hunn, déi gi méi wäit, déi betreffen de Kär vun eisem Zesummeliewen, a mir sollten eis net scheien, se och eng Kéier oppen unzeschwätzen.

Dat gesot, wäerte mir eis, esou wéi an der Kommissioun, bei dëser Gesetzespropositioun enthalen. Merci.

*(Brouhaha)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Lemaire. D'Madamm Djuna Bernard huet elo d'Wuert. Madamm Bernard.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, jo, d'Bluttspenden ass eent vun deene Beispiller, wou Solidaritéit net ganz esou abstrakt ass, mee op eemol zu eppes ganz Konkreetem gëtt, an zwar dass et ganz einfach Liewe rett.

An de Rapport d'activité vun 2025 vum Centre de transfusion sanguine weist u sech, wéi essentiel dee System, dee wierklech exklusiv mat der Croix-Rouge hei am Land associéiert ass, fir eist Gesondheetswiesen ass. An zwar goufen am Joer 2024 zu Lëtzebuerg insgesamt 20.320 Blutt- an Apherèse-Spenden enregistréiert. Hanner all eenzeler dovunner, jo, do steet eng Persoun, déi sech eebe grad benevoll Zäit geholl huet, fir engem anere Mënsch ze hëllefen.

An de Rapport weist eis awer och eng aner Realitéit, an zwar dass dee System, dee mer hei zu Lëtzebuerg opgebaut hunn, e fragillen ass. De CTS zielt aktuell 15.868 ageschriwwen Donateuren, dat ass eng liicht Hausse ëm, ech mengen, 1,5 %, mee gläichzäiteg ënnersträicht de Rapport awer och, dass eng vun den Haaptprioritéite fir dat kommend Joer bleift, nei Donateuren ze rekrutéieren. Well se eeben awer och de Constat maachen, dass en Donateur vläicht ufänkt, Bluttspender ze ginn an dann awer och aus diverse Grënn net ka senger Aufgab nokommen. An dowéinst mussen ëmmer erëm nei Donateure rekrutéiert ginn, eeben och fir déi ze ersetzen, déi duerno aus diverse Grënn mussen ophalen. Dat weist ganz kloer: Mir kënnen dës Solidaritéit net als selbstverständlech ugesinn.

A besonnesch impressionnant ass och, dass sech 2024 eebe grad iwwer 2.500 nei Kandidatinnen a Kandidate gemellt hunn. Dat beweist eis, dass d'Bereetschaft do ass. Mee mir mussen eeben och als Gesellschaft déi Konditioune schafen, fir dass dëst Engagement praktesch méiglech bleift an och en nohaltegt Engagement ka sinn.

An et sinn, den Här Reporter ass schonn ... De Rapporter ass schonn drop ... E war och eng Kéier Reporter.

*(Hilarité)*

An den Här Rapporter huet et jo och schonn thematiséiert, dass d'Fonction publique schonn haut eng Dispens vu véier Stonne fir d'Bluttspende virgesäit. An dat ass eiser Meenung no och eng gutt an eng richteg Mesür.

Mee et stellt sech awer d'Fro, firwat dës Unerkennung eeben net och fir d'Salariéen am Privatsecteur soll gëllen, well et geet eebe grad net ëm e Privileeg. Et geet ëm eng gesellschaftlech Responsabilitéit. An et geet eiser Meenung no och ganz einfach ëm Kohärenz.

An eebe grad well mer wëssen, dass d'Bluttreserve reegelméisseg ënner Drock stinn, mir héieren et ëmmer erëm an den Noriichten, da sollte mir och alles maachen, fir dëst Engagement och weider ze encouragéieren.

A jo, véier Stonnen, dat ass en Engagement, och vum Employeur. Dat wëll ech och net klengrieden. Dat ass grad fir Kleng- a Mëttelbetriber e substanzielle Käschtefacteur, mee eeben awer och e Käschtefacteur, deen e reellen Ënnerscheed ka maachen. An zwar well de Congé spécial eebe géing Zäitdrock ewechhuelen, et vereinfache géing, spenden ze goen, an eeben awer och e staarkt symbolescht Zeeche vu gesellschaftlecher Unerkennung ass, fir eppes, wat eebe grad, ech sot et schonn, Liewe rette kann.

D'Solidaritéit dierf net dervunner ofhänken, ob een am ëffentlechen oder am private Secteur schafft. Dovunner si mir als Gréng iwwerzeegt. A wa mer als Gesellschaft dovunner wëlle profitéieren, dass ëmmer genuch Blutt disponibel ass ...

*(Brouhaha)*

Entschëllegt, Dir Hären, kënnt Der vläicht e bësse méi lues sinn? Merci, dat ass léif.

**Une voix** | Jo. Entschëllegt.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Wa mer als Gesellschaft dovunner profitéiere wëllen, dass ëmmer genuch Blutt disponibel ass, jo, da musse mer och bereet sinn, déi Leit konkreet ze ënnerstëtzen, déi eebe grad dëse System droen. An dowéinster wäerte mir och als Gréng dës Proposition de loi matstëmmen.

An ech wëll den Auteurë vun der Proposition de loi e grousse Merci soe fir d'Initiativ a mech och all deene Mercien uschléissen, déi un d'Donateuren an hiert Engagement erausgaange sinn. Ech mengen, dat kann een op dëser Plaz, egal wéi de Vott vum Gesetz dann ausgeet, net genuch ënnersträichen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Bernard. Den Här Sven Clement huet elo d'Wuert. Här Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, virun zwee Deeg souze mer alleguerten heibannen a mir hunn enger Ried nogelauschtert, déi iwwertitelt war: „Mateneen. Fireneen."

An dann op den éischte Bléck klëngt dee Slogan jo exzellent. Matenee fireneen do sinn. A genau dat maachen déi 15.000 Bluttspender allkéiers, wa se eng awer net ganz angeneem Prozedur iwwer sech ergoe loossen, fir matenee fir déi aner do ze sinn. Andeem se nämlech hiert Blutt, hiert Plasma, hir Plättercher spenden.

Et klëngt also ganz gutt, matenee fireneen ze sinn, bis et konkreet gëtt, scheinbar. A konkreet gëtt et hei mat där Proposition de loi, fir nämlech ze soen: Ma kommt, mir setzen de Privatsecteur gläich mam ëffentlechen Déngscht!

Ech hu mer déi Zuelen einfach emol eng Kéier kuerz op der Zong zergoe gelooss, well jo hei quasi den Ënnergang vun der Lëtzebuerger Ekonomie erbäigeriet gouf vun de Riednerinne vun der Majoritéit. Nämlech: Wéi vill Leit mécht dat da wierklech aus an eiser Privatwirtschaft?

15.000 Leit, wa mer dervun ausginn, datt se sech d'nämmlecht op de Staatsdéngscht an op Privatwirtschaft verdeele wéi de Rescht vun der Populatioun, da schwätze mer vun 2,5 % vun alle Salariéen a Salariéeën hei zu Lëtzebuerg. 2,5 %!

Also wann 2,5 % vun alle Salariéë véier Stonnen de Mount Blutt spende ginn an domadder en Déngscht fir d'Allgemengheet leeschten, vun deem iwwregens och hir Patrone profitéieren, well och déi kënnen eng Kéier krank sinn an an de Besoin vun enger Bluttkonserv kommen, respektiv fir aner Salariéen, déi jo och vun der Solidaritéit vun deenen anere profitéieren, da muss ee sech natierlech d'Fro stellen, ob déi Argumenter hei wierklech éierlech gemengt waren oder einfach eng Porte de sortie, ob iergendwéi en Echappatoire gesicht gouf, fir net mussen eng gutt Propositioun de loi matzestëmmen, well se nun emol vun der Oppositioun kënnt. A wann et vun der Oppositioun kënnt, ass et bekanntlecherweis fir d'Majoritéit als Éischt emol: Nee!

Ech stelle mer dann awer d'Fro: Wat sinn d'Alternativen? Well d'Majoritéitsparteien hu jo och gesot: Mir wëlle weiderhin op Fräiwëllegkeet setzen. Ech gesi kee Saz, kee Wuert an där Proposition de loi, deen d'Fräiwëllegkeet a Fro stellt.

Also, Dir musst mer elo wierklech weisen, wou doduerjer ... Dat géif nämlech ënnerstellen, datt all d'Staatsbeamten – an ech ginn dervun aus, datt d'Majoritéit dat net wollt maachen – just géife Blutt spende goen, well se véier Stonne géife fräi kréien. Also, wann Der dat wollt domadder soen, pardon, dann deet et mer leed, dann hunn ech Iech ënnerschat. Mee ech ginn dervun aus, datt keen d'Fräiwëllegkeet mat där Proposition de loi hei a Fro gestallt huet. Dat heescht, dat Argument kënne mer also net gëlle loossen.

Wat sinn also déi aner Alternativen? Mir hu vu Bussen héieren. Dat sinn alles Pisten. Mee de Kär vum Problem ass: Wa mer net genuch Blutt hunn, musse mer et entweeder an d'Ausland siche goen oder mir mussen nei Incentivë schafen. A wann et mat der Fräiwëllegkeet net méi duergeet, wou lande mer dann iergendwann? Ma da lande mer an engem amerikanesche System, wou et net méi anescht geet. An dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ka jo wierklech net de Wonsch vun dëser Chamber an och sécher net de Wonsch vun dëser Majoritéit sinn!

Dofir mengen ech, nach eng Kéier, datt déi Propositioun de loi, déi de Mars Di Bartolomeo hei presentéiert huet, souwuel als Rapporter wéi als Auteur wéi als Spriecher vun der LSAP, definitiv de Meritt huet, datt se e ganz konkreete Problem ugeet, eng ganz konkreet Pist opweist a mat 2,5 % vun all de Salariéen och sécherlech elo net d'Lëtzebuerger Ekonomie wäert an de Ruin dreiwen.

An dofir wäerte mir och déi Proposition de loi mat Freed matstëmmen, well et eeben e „Mateneen. Fireneen." ass. A wien dat eescht mengt, deen ënnerstëtzt och dës Proposition de loi.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. An dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Jo, Här President, Bluttspenden ass en Déngscht un der Kollektivitéit, en Déngscht un eis alleguer. Zu Lëtzebuerg si mer Selbstversuerger, wat d'Bluttreserven ugeet. Dat heescht, mir sinn autosuffisant mat eisem System, dee ganz op dem Benevolat opgebaut ass. Dat ass dagdeeglech geliefte medezinnesch Solidaritéit hei am Land, gedroe vu ronn 15.000 reegelméissege Bluttspender.

Mee och dee System kënnt ëmmer nees erëm u seng Limitten. Esou nach virun zwou Wochen, wéi d'Croix-Rouge en dréngenden Appell gemaach huet, Blutt ze spenden, well d'Reserven an de Spideeler just nach fir eng Woch duerginn. Dofir hu mer als Gesellschaft all Interêt dorunner, Bluttspenden esou einfach an accessibel ze maache wéi nëmme méiglech.

Eng Unerkennung vun deem Déngscht un der Gesellschaft ass en hallwen Dag Congé, deen et schonn an der Fonction publique gëtt, gradesou wéi an enger Rëtsch Kollektivverträg am Privaten. An deen hallwen Dag ass jo och net vu Muttwëll entstanen, mee aus der Asiicht, datt een, wann ee gréisser Quantitéite Blutt oder Plasma gespent huet, net méi esou fit a produktiv ass ewéi virdrun, datt een eng kleng Paus brauch, fir erëm zu Kräften ze kommen. An et däerf ee maximal véiermol pro Joer spenden.

De Gesetzesvirschlag vum Mars Di Bartolomeo, dee mer hei virleien hunn, huet en duebele Virdeel: datt en éischtens d'Dispositiounen aus der Fonction publique och am privaten Aarbechtsrecht verankert, also zu enger Harmoniséierung vun de Bestëmmungen aus dem ëffentlechen a private Secteur féiert. Well et liicht jo kengem an, firwat een an deem selwechten Akt, dem Bluttspenden, aneschters gewäertschätzt an ënnerstëtzt gëtt, jee nodeem wou ee schafft.

Zweetens stäerken a perenniséiere mer e wichtege Pilier vun eisem solidaresche Gesondheetssystem, nämlech dat fräiwëllegt Bluttspenden, andeems mer jidderengem adequat Méiglechkeete ginn, sech un deem kollektiven Effort ze bedeelegen. Dëst wier emol eng Kéier eng richteg Win-win-Situatioun fir de Gesondheetssystem, fir d'Bluttspender, an et géif de Staat kee Su kaschten.

Här President, am Prinzipp ... Vu datt ech jo net Member vun der Santéskommissioun sinn, mee mäi Kolleeg, de Marc Baum – mee dee kann elo wéinst senger Aarbecht net do sinn –, huet e mer eeben eng Nott geschéckt. Well ech hat déi Debatte guer net um Radar. Ech hat se net suivéiert an ech muss soen, ech hu wierklech gestaunt. Ech duecht: „O vreck, da gëtt emol eppes Klenges, e klenge Gest vu Solidaritéit gefrot vun dëser Regierung, e klenge Gest vun Humanitéit gefrot vun dëser Regierung, an dat geet schonn ze wäit!" Dat geet schonn ze wäit, eeben e System am Privaten ze iwwerdroen, deen et an der Fonction publique gëtt. Et geet och der Chambre de Commerce, de Betriber, ze wäit, eeben hire Mataarbechter, déi maximal véiermol d'Joer ..., an ech mengen net, datt se dat all véiermol d'Joer maachen, mee huele mer un, maximal véiermol d'Joer, warscheinlech net jidderenen, datt se dat emol ...

*(Interruption par Mme Stéphanie Weydert)*

Wat gelift?

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Plasmaspenden ass eemol de Mount.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Eemol de Mount, ok.

*(Brouhaha)*

Mee dat mécht jo net jiddereen eemol de Mount. Ech kennen esou Leit. Déi maachen dat net eemol de Mount. Mee dat gëtt et eeben an der Fonction publique.

An éierlech gesot, ech hu jo och an engem klenge Betrib geschafft iwwer zéng Joer laang oder ongeféier zéng Joer laang, a wësst Der, och a klenge Betriber kann ee sech organiséieren. Et kann ee virausgesinn. An éierlech gesot, wann e Betrib déi Saach net kéint organiséieren, datt d'Mataarbechter heiansdo da Plasma oder Blutt spende ginn, dann ass de Management och vläicht e Problem. Also, ech mengen, dat ass méiglech. Dat ass e ganz komescht Argument.

An duerno awer och dat Argument vum Benevolat, datt de Benevolat geschwächt ass. Éierlech gesot, ech verstinn dat Argument nach ëmmer net. Et ass genau de Géigendeel. Et ass litteralement de Géigendeel! Et gëtt de Benevolat, also deen Akt, Blutt ze spenden, Plasma ze spenden. An, wéi gesot, et ass jo net, wéi wa mer am Iwwerfloss wieren. Dee géif duerch déi Proposition de loi hei gestäerkt ginn, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. David Wagner** (déi Lénk) | ... komplett gestäerkt ginn.

Also, et ass dystopesch heiansdo, wat fir eng Argumenter Dir versicht, sichen ze goen. Bon, Dir gitt se klaue beim Patronat, dem Patronat, dat ...

*(Interruptions)*

An déi kommen och ... Jo, déi hunn och eng limitéiert Imaginatioun, well et ass scho bal eng Frechheet, mat esou topegen Argumenter ze komme vis-à-vis vun der Volleksvertriedung, well mir hunn awer och Gehierer a mir gesi ganz kloer.

*(Interruption)*

Nee, bon, ech mengen. A mir benotze se heiansdo. A mat esou Argumenter, léif Chambre de Commerce, léif Chambre des Métiers, ze kommen, dat ass awer wierklech net respektvoll! Dofir wäerte mer selbstverständlech déi heite Proposition de loi matdroen.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Ech hunn eng Wuertmeldung vun der Madamm Weydert, déi Iech wëllt eng Fro stellen, Här Wagner.

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Jo, genee. Ech géif gäre vum Här Wagner wëssen, wat hien ënner Benevolat versteet. Well wann ech d'Definitioun vu Benevolat liesen, ass et eppes, wat een ouni Remuneratioun mécht. A wann ech awer véier Stonne fräikréien, remuneréiert, gesinn ech awer iergendwou, dass d'Kaz sech an de Schwanz bäisst.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Maja, et gëtt vill ...

*(Interruption par M. Mars Di Bartolomeo)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, et ass ... Nee, Här Di Bartolomeo, Dir krut d'Fro net gestallt. Et ass den Här Wagner, deen d'Fro gestallt krut.

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV) | Ech géif gären déi Definitioun verstoen.

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | D'Sportsministesch ass jo do. Wéi ass et da mam Congé sportif? Wéi ass et da mat deem? Solle mer deen och ofschafen, de Congé sportif?

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Wagner, setzt Iech elo duerch géint den Här Di Bartolomeo.

*(Brouhaha)*

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | D'Majoritéit wëll de Congé sportif ofschafen.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Här President, et ass onméiglech, sech ...

**M. Meris Sehovic** (déi gréng) | D'Majoritéit wëll de Congé sportif ofschafen. Dat wär jo och e Benevolat.

**M. Claude Wiseler,** Président | Wannechgelift, komme mer zur Rou! An den Här Wagner huet d'Wuert fir ze äntweren. An da fuere mer weider.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Här President, bon, d'Nolauschterer kruten dat warscheinlech net mat, mee d'Hallschent vun der Chamber huet schonn eng Äntwert ginn, well et sou evident ass.

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Ma da resüméiert dat, wannechgelift.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Also ech ka se resüméieren. Et gëtt am Benevolat a ganz ville Milieuen a Secteuren déi verschiddensten Hëllefen an och Indemnisatiounen, fir de Leit eeben de Benevolat ze erméiglechen. De Congé sportif ass genannt ginn an anerer. An an deem Fall ass dat genau dat selwecht, wéi et dat an all anere Secteure gëtt.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Domat ass dann d'Diskussioun zu der Proposition de loi ofgeschloss.

An d'Regierung huet d'Wuert. Madamm Gesondheetsministesch.

***Prise de position du Gouvernement***

**Mme Martine Deprez,** Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | Merci, Här President. A merci och dem Auteur vun der Proposition de loi. Merci fir all d'Interventiounen de Mëtten, déi am Fong konkordant sinn an de Bluttspender alleguerte Merci soen.

Ech sprangen haut a fir den Aarbechtsminister, net well deen net wëll hei sinn, mee well dee verhënnert ass a mir och ...

*(Interruption par M. Sven Clement)*

Zum Beispill.

... a mir och ganz enk an Zesummenaarbecht dës Proposition de loi begleet hunn.

An déi ass mer och net friem, well et ass e Sujet, deen och an de Gesondheetssecteur erageet. Als Minister vun der Santé sinn ech ...

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, wannechgelift, e bësse Rou!

**Mme Martine Deprez,** Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale | ... d'Tutelle vum Service de la transfusion sanguine. Dee fält ënner meng Kompetenzen.

Éier ech op de Fong aginn, wëll ech awer ganz kloer soen: Bluttspende kann effektiv Liewe retten. An dat ass keng Floskel, dat ass eng Realitéit. An Dir hutt et och ganz rezent héieren: Mir wëssen, datt et ëmmer erëm Situatioune gëtt, wou eis Stocken erëm eng Kéier mussen opgefëllt ginn, wou mer en Appell musse maachen, wou d'Doneuren, déi da vläicht schonn deen een oder deen anere Mount iwwert den Delai sinn, erëm erageruff ginn.

All eenzelnen Don kann en Ënnerscheed maachen. An ech selwer sinn och Bluttspender, d'selwecht wéi d'Madamm Weydert, a weess, vu wat ech schwätzen. An ech wëll et och ganz kloer soen: Ech encouragéiere jiddereen hei am Sall an och déi Leit, déi eis nokucken, nolauschteren, Blutt ze spenden, wann dat méiglech ass. Net jiddwereen ka Blutt spenden, mee do, wou et méiglech ass, wannechgelift, loosst Iech testen, ob Der däerft Blutt spenden!

Déi Fro, déi mer awer haut stellen, ass eng aner. D'Fro ass net, ob mir d'Bluttspenden ënnerstëtzen. Dat maache mer souwisou. D'Fro ass, ob mer e gesetzlech festgeluechte Congé extraordinaire vu véier Stonnen hei en place setzen.

D'Positioun vun der Regierung ass an deem Punkt zanter dem Depot vun dëser Proposition de loi onverännert bliwwen. Den Aarbechtsminister huet ëmmer drop higewisen, datt hien an dësem Beräich éischter eng Approche iwwert de Sozialdialog an d'Kollektivverträg favoriséiert.

Éischtens: Verschidde Kollektivverträg gesinn haut schonn esou Dispositioune vir. An dobäi ginn och tëscht de verschiddenen Zorte vu Spenden Ënnerscheeder gemaach, wéi Bluttspenden, Plasmaspenden, Plackettespenden. Dat ass haut schonn ugeschwat ginn. Dat weist, datt hei méi flexibel a méi differenzéiert Léisunge méiglech sinn.

Zweetens: Net all Entreprise huet déi selwecht Realitéit. Eng kleng Entreprise mat e puer Mataarbechter huet net déi selwecht Organisatiounsméiglechkeete wéi eng grouss Struktur. Duerfir ass et net ëmmer evident, eng eenheetlech gesetzlech Reegelung fir all Situatioun hierzestellen.

An drëttens – dat ass och schonn ugeschwat ginn – gëtt et och aner Weeër, fir d'Bluttspende konkreet ze ënnerstëtzen. Et kéint een iwwer méi flexibel Horairen nodenken, d'Mobilitéit vu Sammelaktiounen. A meng Virrieder hu schonn op nach aner Méiglechkeeten higewisen.

Da wéilt ech kuerz hei op dëser Plaz op d'Zousazfro zum Accès agoen. Jo, mir hunn am Accord de coalition stoen, datt mer e gläichberechtegen Accès wëllen. Et ass eng Proposition de loi do, déi deemnächst wäert diskutéiert ginn. A mir sinn an enker Zesummenaarbecht mat der Croix-Rouge, mam Staatsministère, mam Finanzministère ënnerwee, fir eeben dee Reschtrisiko, deen d'Fondation Croix-Rouge ëmmer ufëiert, opzehuelen.

Här President, léif alleguerten, ech denken, am Fong si mir eis hei alleguerten eens iwwert d'Zil. Mir sinn eis eens, datt Bluttspende wichteg ass. Mir sinn eis eens, datt mir méi Leit mussen encouragéieren, Blutt ze spenden. D'Fro ass just, wéi mir dat am beschte maachen. An et ass e puermol ugeschwat ginn: Déi Gläichberechtegung, Fonction publique/Secteur privé, wann ech Iech richteg verstanen hunn, ass dat 2018 hei am Haus decidéiert ginn, datt dat an de Statutt vun der Fonction publique géif ageschriwwe ginn. Ech weess net, wien 2018 do an der Verantwortung war, mee dann hätt dat heite jo do kënne matdiskutéiert ginn.

*(Exclamations et brouhaha)*

Fir d'Regierung ass et wichteg, Léisungen ze fannen, déi gläichzäiteg d'Bluttspende stäerken, awer och genuch Flexibilitéit erlaben. An aus där Perspektiv bleift d'Regierung bei hirer Propositioun.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Madamm Ministesch. An domat ass dann d'Diskussioun zu dësem Sujet ofgeschloss.

*(Interruptions)*

Dir Hären, d'Diskussioun ass ofgeschloss.

A mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Proposition de loi 8471. Den Text steet am Document parlementaire 8471[9].

***Vote sur l'ensemble de la proposition de loi 8471***

Ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 20, Nee: 35, Abstentioun: 5. Dës Proposition de loi ass also ofgeleent mat 35 Nee-Stëmme géint 20 Jo-Stëmme bei 5 Enthalungen.

*Ont voté oui : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm (par Mme Nancy Arendt), Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert (par M. Laurent Zeimet), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino (par M. Gusty Graas), MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. Guy Arendt) et M. Gérard Schockmel.*

*Se sont abstenus : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

## 7. 8648 – Projet de loi portant modification du Code de la consommation en vue de la transposition de la directive (UE) 2024/825 du Parlement européen et du Conseil du 28 février 2024 modifiant les directives 2005/29/CE et 2011/83/UE pour donner aux consommateurs les moyens d'agir en faveur de la transition verte grâce à une meilleure protection contre les pratiques déloyales et grâce à une meilleure information

An domat komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, an zwar dem Projet de loi 8648, der Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv am Kader vum Konsumenteschutz a vun der Promotioun vun engem nohaltege Konsum, der sougenannter „Empowering Consumers for the Green Transition“. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Stéphanie Weydert, den Här Gusty Graas, d'Madamm Paulette Lenert, d'Madamm Alexandra Schoos, d'Madamm Joëlle Welfring an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, „jamais deux sans trois“, dofir sinn ech fir d'drëtt elo hei. Ech hunn déi grouss Freed, Iech haut och de Rapport zum Projet de loi 8648 virzestellen, deen d'Transpositioun vun der europäescher Direktiv 2024/825 an eist nationaalt Recht virgesäit. Et ass déi sougenannten Direktiv „Empowering Consumers for the Green Transition“. Dës Direktiv ännert engersäits d'Direktiv iwwert d'deloyal Handelspraktiken an anerersäits d'Direktiv iwwert d'Rechter vun de Konsumenten. Eise Code de la consommation gëtt soumat ugepasst.

Dës Direktiv ass Deel vun der europäescher Strategie, fir de Konsument besser ze schützen an em gläichzäiteg d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser a méi objektiv ze informéieren, ier en eppes keeft.

Et geet awer net nëmmen ëm Konsumenteschutz am klassesche Sënn, mee och ëm d'Fro, wéi mer Transparenz, Vertrauen a Fairness am Kontext vun der ekologescher Transitioun garantéieren.

An dëse Gesetzesprojet, dee verfollegt dobäi zwee Ziler: Éischtens soll de Konsument besser an objektiv informéiert ginn, besonnesch wat d'Haltbarkeet, also d'Liewensdauer, an den ekologeschen Impakt vum Produit ass, zum Beispill ob e ka gefléckt ginn oder net oder ob a wéi e ka recycléiert ginn oder net. Zweetens soll géint déi fir de Konsument ierféierend kommerziell Praktike virgaange ginn, virun allem géint de sougenannte „Greenwashing“.

Mir wëssen alleguerten, datt vill Produiten haut mat de Begrëffer „gréng“, „ëmweltfrëndlech“ oder „nohalteg“ beworbe ginn, ouni datt dës Aussoe wierklech dann op de Produit zoutreffen, an dass se weeder noweisbar nach iwwerpréifbar sinn. Fir de Konsument ass et soumat ëmmer méi schwéier ginn, tëscht de seriéisen Engagementer a rengem Marketing ze ënnerscheeden. A genee do setzt dës Direktiv un.

Konkreet gëtt festgehal, datt ekologesch Aussoen an Zukunft op kloren, iwwerpréifbaren an objektive Krittäre baséiere mussen. Och Labelen, déi net op enger transparenter Zertifizéierung oder enger kredibeler Kontroll baséieren, dierfen net méi benotzt ginn. D'Iddi ass kloer: De Konsument soll sech op déi Informatioune verloosse kënnen, déi em beim Kaf dann och presentéiert ginn.

De Gesetzesprojet geet awer nach méi wäit. Och d'Informatiounen iwwert d'Liewensdauer vun engem Produkt oder – wéi ech grad scho gesot hunn – de Fait, ob een e ka flécke respektiv recycléieren, ginn elo ausdrécklech an de Kader vun de kommerzielle Praktiken integréiert. Dat wäert dozou bäidroen, d'Offer um Marché méi transparent a besser gläichzäiteg ze maachen.

Eng weider wichteg Neierung ass d'Aféierung vun enger harmoniséierter Informatioun iwwert déi gesetzlech Garantie, déi een op engem Produkt huet. Dës Informatioun soll souwuel am Geschäft wéi och online kloer affichéiert ginn, fir datt de Konsument seng Rechter besser kennt. An zousätzlech gëtt en europäesche Label agefouert fir d'Garantie, wann dës gratis ugebuede gëtt an eng Dauer huet, déi iwwert déi gesetzlech Garantie erausgeet. Och dat ass eng konkreet Moossnam, fir Qualitéit an nohaltege Konsum ze encouragéieren.

Wat d'Sanktioune betrëfft, sou bleiwen déi bestoend Sanktiounen, déi am Code de la consommation virgesi sinn, applikabel.

D'Memberstaaten hate bis de 27. Mäerz dëst Joer Zäit, fir dës Direktiv ëmzesetzen. Mir sinn also ganz liicht am Verzuch. Mir si Mee, also si mer eigentlech nach gutt. An d'Applikatioun vun de Bestëmmunge muss ab dem 27. September 2026 garantéiert sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och kuerz op déi verschidden Avisen agoen, déi erakoumen.

De Staatsrot hat a sengem Avis vum 10. Mäerz dëst Joer keng inhaltlech Kritick formuléiert a festgehalen, dass d'Direktiv korrekt ëmgesat gouf an d'lëtzebuergescht Recht. Et goufe just e puer legistesch oder legislativ-technesch Bemierkunge gemaach, notamment wat den Intitulé vum Gesetz ugeet. D'Kommissioun huet dës Propositiounen natierlech iwwerholl.

D'Chambre de Commerce ënnerstëtzt de Projet ausdrécklech a gesäit an dëser Direktiv gläichzäiteg eng Erausfuerderung an eng Opportunitéit fir Entreprisen, déi sech nohalteg opstelle wëllen.

D'Chambre des Salariés begréisst dëse Projet och an ënnersträicht, datt seng Effikassitéit staark dovun ofhänkt, wéi gutt d'Kontrollen an déi praktesch Ëmsetzung organiséiert ginn, awer och vun der konkreeter a koordinéierter Ëmsetzung, vun der Prezisioun vun de praktesche Modalitéiten, besonnesch wat d'Reparéierbarkeet ugeet, a vun der reeller Zougänglechkeet vun den Informatioune fir d'Konsumenten.

De Centre européen des consommateurs Luxembourg deelt dës Analys a weist besonnesch op d'Wichtegkeet vun enger gudder Informatiounspolitick an enger strenger Kontroll vun den ekologeschen Aussoen a Labelen hin.

De Lëtzebuerger Konsumenteschutz, d'ULC, ënnerstëtzt och de Projet am Prinzipp, mee huet verschidde Reserve formuléiert, notamment wat d'Garantie an d'Komplexitéit vun dësen neie Mechanismen ugeet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Resümmee kann ee soen, datt dëse Projet e wichtege Schrëtt a Richtung vun engem méi transparenten, méi faire a méi nohaltege Konsummodell ass. En hëlleft de Konsumenten, informéiert Entscheedungen ze treffen, a schützt gläichzäiteg déi Entreprisen, déi wierklech Efforten an déi Richtung maachen.

An enger Zäit, an där d'Vertrauen an d'Informatioun ëmmer méi wichteg ginn, setzt dësen Text e kloert Zeechen: Ekologesch Engagementer däerfen net just Marketinginstrumenter sinn, mee musse konkreet, noweisbar a kontrolléierbar sinn.

Ech soen Iech Merci. A fir weider Detailer zum Rapport verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Ech géif dann elo nach meng Kap als Spriecherin vun der CSV undoen. Déi vum Rapporter doen ech aus.

***Discussion générale***

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass schonn esou en Dag, et ass geschwënn nees Summer. Dat heescht, et ass d'Zäit vun de Glacen. An do gëtt et bekanntlecherweis en Ënnerscheed tëscht enger richteger Glace an engem Sorbet. Eng Glace huet Mëllech oder Ram dran. De Sorbet besteet meeschtens aus Waasser, Zocker a Friichten. Mee firwat erzielen ech dat hei, frot Der Iech warscheinlech. Well et perfekt weist, wéi Marketing funktionéiert!

An enger bekannter Gelateria, ma do gouf et e Sorbet mat donkelem Schockela. E super Produit, mee e gouf kaum verkaaft. D'Patronne hat awer dunn op eemol eng genial Iddi: Si huet einfach vun engem Dag op deen aneren hire Sorbet an d'Vitrinn gesat a geschriwwen, dass et eng vegan Glace wier. An zack, bumm, sinn d'Venten an d'Luucht geschoss. Op eemol war et total de Renner. An dobäi hat se guer näischt geännert. Näischt um Rezept geännert. Kee méi héije Qualitéitsstandard. Just en aneren Numm. An dat weist, wéi séier mer eis heiansdo vum Marketing beaflosse loossen.

A genee dorëm geet et bei dësem Sujet vun haut. Mir erliewen ëmmer méi Greenwashing. Et geet een